# Ëffentlech Gebaier méi hëtzeresistent maachen

D'Summeren zu Lëtzebuerg ginn ëmmer méi waarm an d'Gesellschaft muss sech dorunner upassen. Schoulen, Verwaltungen, Spideeler, Fleegestrukturen an aner ëffentlech Gebaier mussen dofir besser géint Iwwerhëtzung geschützt ginn. Passiv Mesuren ewéi Beschattung, Isolatioun, Begréngung an Nuetsventilatioun sollen dobäi Prioritéit hunn. Wann dës Mesuren net duerginn, däerf aktiv Ofkillung keen Tabuthema méi sinn. Ëffentlech Gebaier brauchen effikass Kill- a Beléftungsanlagen, fir d'Gesondheet an d'Léier- an Aarbechtsfäegkeet och wärend méi laangen Hëtztperioden ze garantéieren.

Iwwerhëtzte Raim sinn net nëmmen eng Fro vum Confort, mee e seriöe Gesondheetsrisiko. Besonnesch gefäerdet si Kanner, eeler Leit, schwanger Fraen, souwéi Persoune mat enger chronescher Krankheet oder mat ageschränkter Mobilitéit. Kleng Kanner kënnen hir Kierpertemperatur manner gutt selwer reguléieren a sinn op sécher Ariichtungen ugewisen. Wärend Hëtztwelle kann de Staat d'Leit net op Gebaier verweisen, déi selwer zu engem Gesondheetsrisiko ginn.

International Beispiller a Studie weisen, datt Ofkillung Deel vun enger verantwortungsvoller Strategie géint Hëtzt ka sinn. Singapur huet scho fréi op klimatiséiert Verwaltungsgebaier gesat, a Spuenie weist mat enger Temperaturgrenz vu 27 Grad a Gebaier, datt aktiv Ofkillung an e verantwortungsvollen Energieverbrauch matenee vereenbar sinn. Gläichzäiteg weisen aktuell Berechnungen drop hin, datt extrem Hëtzt Lëtzebuerg bis 2030 bis zu enger Milliard Euro kaschte kéint. Eng international Laangzäitstudie weist, datt Klimaanlagen hëtzebedéngt Doudesfäll reduzéiere kënnen, wann si duerch Beschattung, Begréngung, Beléftung an aner Upassungsmoossnamen ergänzt ginn.

D'Jonk Demokraten fuerderen dofir, de bestoende Lëtzebuerger Richtwäert vu 26 Grad zu engem verbindlechen a kontrolléierbare Standard fir den Hëtzeschutz an ëffentleche Gebaier weiderzeentwéckelen. Wann dëse Wäert reegelméisseg iwwerschratt gëtt, musse wierksam Moossnamen ergraff ginn. Gläichzäiteg solle Klimaanlagen an der Reegel net op manner wéi 26 °C agestallt ginn. D'Zil ass e gesond Raumklima an net eng onnéideg Ofkillung op 18 oder 20 °C. Ausname musse bei besonnesche medezineschen, gesondheetlechen oder techneschen Ufuerderunge méiglech bleiwen.

D'ëffentlech Hand muss beim Hëtzeschutz eng Virreiderroll iwwerhuelen, mat verbindleche Standarden, kloer definéierte Responsabilitéiten a geziilten Investitiounen a sécher ëffentlech Gebaier. Esou gëtt den Hëtzeschutz zu enger zentraler Aufgab vun enger moderner Infrastrukturpolitik, déi d'Gesondheet schützt a gläichzäiteg de Klimaschutz an d'Energieeffizienz berécksiichtegt.